9.7. TRANSITIONS

Zukunftsdiplom

Kick-off ZD

Mir haten den 18.03. um 18h eisen Start vum ZD Joer 2022.

Op der préparierter Gemengeplaz huet den Härr Bougermeschter Paul Weimerskirch, den Jugendschöffe Marc Spautz, eis Präsidentin Enesa Agovic an eis Koordinatrice Janine Smith eng Ried gehaalen an iwert den Zukunftsdiplom informiert. Damat gouf d ZD Joer offiziell eröffnet. De lokalen Filmclub Amcis huet 2 Filmer dovu gemach, déi op eiser Homepage www.schefflenger-jugendhaus.lu ze fannen sinn. 2 Teilnehmer vum Zd hu och Interviewer gemach. Em déi 20 Jonker waren bei desem Event dobäi. Als Ofschluss hu mir dono Pizza am Jh giess.

Golden Me (Workshops)

En quoi consiste le projet "GoldenMe"?

"GoldenMe" est une a.s.b.l. (association sans but lucratif) qui est située à Esch-sur-Alzette. Son but est de prévenir l'isolement social grâce à des offres de formation continue numérique pour la tranche d'âge de plus de 55 ans.

Les risques tels que l'isolement social ou la solitude peuvent augmenter avec l'âge. Les générations plus âgées ont souvent plus de difficultés que les jeunes à gérer les appareils numériques et à les utiliser de manière autonome. Les personnes âgées qui suivent une formation numérique, peuvent utiliser leurs appareils pour rester en contact avec leur famille et le monde extérieur. Les services numériques, d'accès et d'utilisation des informations depuis leur smartphone, tablette ou ordinateur portable font que les personnes âgées se sentent moins isolées et beaucoup plus indépendantes.

Déroulement de l'après-midi :

Mara a présenté le projet GoldenMe. Par la suite, elle a demandé aux jeunes à l'aide de la Pyramide de Maslow leurs priorités en lien avec leur smartphone. Ensuite, Mara a proposé un jeu de rôle aux dix jeunes qui ont été répartis en cinq groupes. Chaque groupe était composé de deux jeunes, l'un jouait le rôle du jeune et l'autre la personne âgée. Par la suite les jeunes ont inversé les rôles. Le but de ce jeu de rôle est que les jeunes puissent se familiariser pour les prochains Workshop qui auront lieu le 9 avril 2022 et le 30 avril 2022.

À la fin de la journée, il y a eu une réflexion groupale, pendant laquelle, Mara a interpellé les jeunes sur les risques des smartphones. Ces outils du numérique sont un paradoxe, car cela permet certes de créer un lien social plus vaste mais, au même temps une surexposition nous affecte sur notre santé, comme les troubles du sommeil, les troubles de la vision ; etc.

J'ai constaté que les jeunes maîtrisaient bien le monde virtuel et les termes utilisés comme "WLAN", Appels, Internet, etc.

Grâce à ce genre d'expérience, je m'enrichis de jours en jours. J'ai appris un nouveau terme, comme le WLAN. À côté de ça je me sens perplexe, car les dangers sont bien réels.

Date : 09/04/2022 (deuxième jour)

Déroulement de l'après-midi :

L'après-midi a été consacré à la pratique des applications du smartphone. Dans un premier temps, les jeunes se sont mis d'accord sur le choix des thèmes qui vont être mis en avant pour la clôture du projet qui aura lieu le 30 avril 2022.

Le premier choix, s'est porté sur le fonctionnement de l'application TikTok qui sera dirigé par M et K, et le deuxième choix, sera sur l'application Instagram, qui sera dirigé par B et R.

Dans un deuxième temps, certains membres de la commission des seniors se sont rejoints à nous. Ils avaient des questions variées sur le monde virtuel, comme par exemple, comment payer des factures, comment enregistrer une vidéo TikTok, comment organiser un évènement à travers l'application Doodle, etc.

Le bilan a été très positif, enrichissant pour les deux parties et nous a donné un avant-goût avant le jour J.

Pour la première fois, j'ai eu l'occasion de suivre les instructions qui m'ont aidées à utiliser l'application TikTok.

M, M, K et moi nous nous sommes bien amusées.

Workshop ZD

Ablauf Workshop 08.03.2021 in Schifflingen

- 1) 16:30Uhr - Start: Begrüßung (Bürgermeister/JH)
- 2) 16:40 Uhr - Kurzreferat: Zur Bedeutung non-formaler Kompetenzen aus theoretischer und Empirischer Sicht (Sandra Biwers - Uni.lu)
- 3) 16:50 Uhr - Erfahrungsberichte: Vorstellung des Zukunftsdiploms: Was ist das konkret? (JH)
 - Vorstellung der Eckpunkte des Zukunftsdiploms
 - Erfahrungsberichte aus dem JH zu Projekten des ZD
 - o Jacques (Geschichte des ZD), Janine, Filipe und Sarah
 - Vorstellung der Timeline
- 4) 17:30 Uhr - Austausch: Wie kann das ZD auch in anderen Einrichtungen umgesetzt und lokal vernetzt werden?
 - Welche Gedanken/Ideen/Fragen gibt es zu den Erfahrungsberichten?
 - Welche Ideen zu eigenen Projekten gibt es bei den Teilnehmern?

- Welche Fragen, Probleme, Herausforderungen werden dazu geäußert?
- 5) 18:15 Uhr - Weitere Schritte Wie geht es weiter? Was steht als nächstes an?
- Informationen zur Formation
- Informationen zum Netzwerk (Emailverteiler) und zum Kick-off
- Zusammenfassung der Ergebnisse
- 6) 18:30 Uhr Ende und Ehrenwein

Rapport sur le Workshop ZD du 10.03.2022

Lieu : Maison des Générations de Schifflange

Le rapport se réfère sur l'échange final entre les personnes présentes ci-dessous :

- Borgermeeschter Paul Weimerskirch
- Schëfflenger Jugendhaus (Janine, Filipe, Paula, Sarah, Stagiäre)
- Supervisiounsgrupp (Jacques, Sandra (uni.lu))
- . Mérite Jeunesse (2 Leit)
- Outreacher
- JA vu verschidden JH
- Verrieder vu Telos

La fondation Mérite Jeunesse Luxembourg se propose de faire de la publicité pour le Zukunftsdiplom (ci-après "ZD") dans les différentes Maisons des Jeunes avec qu'ils sont en collaboration.

L'association TELOS-éducation ont expliqué les buts recherchés par Transmissions dans l'éducation nationale (ci-après "X-Track") qui va pouvoir adapter le ZD à leur public, qui ont des besoins spécifiques. Une compétence sociale, qu'on a tendance à oublier et qui paraît évident pour la plupart des gens mais en temps

normal "on ne jette pas une chaise". Ceci est un exemple que le personnel de TELOS-éducation a agréé avec leur public.

Un autre échange très riche est celui de présenter le ZD lors du Moovijob Day (prochaine date vendredi 25 mars 2022 de 9h30-17h à Luxexpo The Box) pour faire encore plus connaître le projet à un plus grand nombre de gens.

Le petit bémol de cet échange du 10 mars 2022, c'est qu'il n'y avait pas de patrons présents, mais il existe déjà une collaboration avec des patrons, comme Niki's Hair Studio et l'institut de Beauté Nathalie Muller.

Conclusion :

Le constat après cet échange très riche et constructif, c'est que l'on va tous dans la même direction, accompagner l'Autre à trouver son sens et que les difficultés se rejouaient. Comme quoi il faut croire dans nos projets, les mettre en place sur le terrain avec nos différents publics et seulement après aller plus haut afin de les faire valider. Le ZD est un exemple à suivre dans le domaine socio-éducatif partout dans le pays.

Éischten Smartphonecafé

Den 30. Abrëll huet den Smartphone Café stattfonnt am „Club Haus Beim Kiosk“. An Zesummenarbescht mat dem Schäfferoot, der Seniorekommissioun, dem Jugendhaus, dem Club Haus Beim Kiosk an dem Golden Me konnt desen wäertvolle Projet stattfannen. D'Senioren hun sech am Virfeld ugemellt an d Jonker hun sech an Gruppen opgedeelt. An enger flotter Atmosphäre bei Kaffi a Kuch kruten d Senioren Hëllef bei all de Froen ronderem digital Medien.

D'Jonker hun mat vill Gedold an Empathie mat den Senioren geschafft. Besonneg hier Mentorfähgkeeten konnten weiderentweckelt ginn. D'Jonker an och d Senioren waren immenz stolz an frou iwert den Austausch an d Hëllef, esou dat direkt dono kloer war, dat dese Projet weidergefouert soll ginn. En 2. Smartphone café gëtt fir Ufank 2023 geplangt.

LNBD Projeetwoch

Am Kader vun der Projeetwoch am LNBD huet d'Jh an Zesummenaarbecht mam Outreach vum Diddeleng an dem Lycée e kléngen Programm zesummen peglangt an duerchgefouert fir Schüler, déi aus ennerscheedlechen Grënn net um generelle Programm vun der Schoul konnten deelhuefen.

04.05.22

Fir d'Projeet's Woch hunn mir Mettwochs Mueres e Workshop preparéiert fir ze leieren, wéi een CV schreiwt. Hei hunn mir gekuckt wei een CV opgestallt gett an wei eng Informatiounen mussen an kennen an den CV gesaat ginn. Dono hunn mir mat den Schüler eenzel/individuel hieren CV gekuckt op alles dran an ok ass. No der Paus hunn mir Rollen Spiller gemeet wou dei Jugendlech konnten Entretien's Gesprächer Ausprobeieren an traineieren.

D'Ziell war et hinnen eng Chance ze ginn een Feedback ze kreien wei Sie den Entretien gemeet hunn an Verbesserungs Virschlei ze kreien, wei och op hier Stärken hingewissen ginn. Am ganzen waren 5 Schüler mat dobäi

05.05.22

Am Kader vun der Projeet woch waren mir zu 2 vun der équipe mat 1 joffer vum Lnbd an 3 schuller an den Besch. Mir hunn a klengen rallye mat 5 verschidder stationen gemaach. Am groupe missten sie sech emmer opdellen mat der kaart fir de Wee fir op die next stationen ze kommen. An all station missten sie eng vun hieren Sënnesberäich benotzen fir eppes ze entdecken. Wou mir op da Kachplatz ukomm sinn, hunn mir eis an 2 guppen opgedellt fir Holz ze sichen an fir um Feier ze kachen. Jidderen huet de chance gehatt fir seng Feier un zemaachen. Während deser Aktivitéit kruten d' Schüler e klengen Abléck an den ZD an wéi den emgesaat ka ginn.

Porte ouverte:

Zum Schluss vun der Woch hun déi Jonk dës Aktivitéiten an engem Kllassesall op der porte ouverte virgestallt. Den Ament waren och all Partneren mat dobäi.


Debriefing

Mir (S vum Sepas, T, P an J) hun eis geschter um 15h am LNBD getraff. All Parteien waren zefridden mam Oflaaf an och mat der Spontaneitéit. Wann mir dat erem machen nächst Joer, kreien mir méi frei bescheed fir dat ze plangen. Ggf kennen mir och nach mat enger spezieller Klass méi konkret mam ZD schaffen. Nächst Aktivitéit as d Schoulfest den 12. Juli vun 19-14:30h.

Diplomiwerreeschung Zukunftsdiplom op der Soirée des laureats Schëffleng

Den 18. November goufen 2 Jonker vum Jh, op der soirée des laureats, geéiert fir hiren Engagement am Kader vum ZD.

Zeitlicher und inhaltlichen Ablauf des Zukunftsdiploms im Jahresverlauf



10. Formatioun Animateur A

Dës Formatioun gëtt emol d'Joer vum Jh an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Schëffleng organiséiert an vum SNJ offiziell zertificiéiert.

**Weekend 1: 26+27 Februar 10h00-
17h00**

Daag 1 – Programm/Oflaaf

- Begreissung & kuerz Virstellung vum Programm
- Kenneleieronn
- Erwaardungen vun den TN'er (individuel op Kärtecher)
- Virstellung ZD an d' Selbst- an Sozialkompetenz
- Opdeelung a Gruppen:
- Grupp A: V., N., Su., E.
- Grupp B: M., Sa., F., C.
- Workshop
- Grupp A : Roll vum Animateur geigeniwwer dem Educateur
- Grupp B: Roll vum Animateur (waat ass wichteg / op waat oppassen?)
- Virstellung Workshops: Thema schon ganz staark ausgeschafft, huet net méi vill gefeelt
- Reflexioun ZD (P. a P.)
- Grupp A: Spillnometteg virbereeden (3-4 Spiller, 1 Stonn Zait)
- Grupp B: Mettegiessen plangen & virbereeden
- Mëttegiessen & Paus
- Locationwiesel: Feierplaz
- It Versich Feier ze machen / all TN'er eenzel /Unleedung vum Jugendaarbechter (JA)
- Spiller vun den TN'er
- Reflexioun Spiller & ZD

- Retour an JH
- Reflexioun: Erwaardungen un den Daag 2

Daag 2: Ofllaaf/Programm:

- Frühstück + 1te Daag revue passéiere loossen
 - Virbereedungszäit fir d'Gruppen:
 - Grupp A: Kachen um Feier: plangen / organiséiere / preparéieren / Grupp dohin bréngen / Feier maachen
 - Grupp B: Thema Spiller preparéieren an organiséieren: Kenneleier - Kooperatiouns-, Relaxatiounsspiller
- Wichtig fir de Grupp: Wéi kritt een all Kand/Jonken mat an de Grupp integreiert?
- Depart op d'Feierplätz
 - Feiernmachen
 - Zelt op- an ofbauen (Uleedung JA)
 - lessen preparéieren
 - Kenneléierspiller
 - lessen
 - Kooperatiounsspiller
 - Marshmallows grillen
 - Retour an d'Jugendhaus
 - Reflexioun vum Weekend an ZD, Erwaardungen Weekend 2
 - Schaffen um Handbuch

Den 1ten Weekend sin virun allem folgend Themen opgeschafft ginn:

- Roll vum Animateur
- Roll vum Animateur geigeniwwer dem Educateur
- lessen plangen / duerchféieren
- Allergien/Intolanzien/lesspreferenzen /Lokal/Bio/...
- Zäitmanagement
- Quantitéit
- Plaaz wou mir kachen/iessen/...wat hun mir zur Verfügung/wéi vil kenne mir mathuelen...
- Spiller plangen / duerchféieren
- kloer Regeln festleeren fir daat kee Strait/Onzefriddenheet ensteet
- Spiller upassen un den Terrain an de Grupp/Alter
- Mat Spiller Gruppendynamik veränneren (positiv an negativ)
- Spiller mat an ouni Material
- Spontan a geplangte Spiller
- Feier machen
- Zelt op- an ofbauen
- Gruppendynamik

Déi ganz Animateurgrupp war gut openeen agespillt obwuel deelweis e groussen Altersennerscheed ass. Et war kloer ze gesinn ween méi séier / méi einfach eng Leaderroll kann anhuelen an trotzdeem huet de Grupp ganz gut mateneen geschafft, Rücksicht een op deen anneren gehol an och jidferengem Plaatz gelos fir sech auszeprobéieren an TN'er sin geigenseiteg ee bei dem anneren agesprongen wann Hellef neideg war, ouni dat et opdrengelech war.

Reflexiounen an Unregungen sin gut emgesaat gin. Et konnte en zB eng gut Entwécklung gesinn beim duerchfeiere vun de Spille vum Daag 1 op den Daag 2.

Weekend 2 26+27 März 11h00-14h00 (Mat Iwwernuechtung)

Den 2ten Weekend sin folgend Themen thematiséiert/ verdeift ginn:

- Eischt Hëllef, Secherheit, Risiken an Roll an Emgang mat Konflikter
- Multikulturalitéit an Risikokompetenz (Zukunftdiplom)
- Iessen plangen / duerchféieren
- Allergien/Intolanzien/Iesspreferenzen /Lokal/Bio/...
- Zäitmanagment, Quantitéit
- Plaaz wou mir kachen/iessen/...wat hun mir zur Verfügung/wéi vil kenne mir mathuelen...
- Spiller plangen / duerchféieren /
- kloer Regeln festleien fir dat kee Strait/Onzefriddenheet entsteet
- Spiller upassen un den Terrain an de Grupp/Alter
- Mat Spiller Gruppendynamik veränneren (positiv an negativ)
- Spiller mat an ouni Material
- Spontan a geplangte Spiller
- Feier machen / ausmacchen
- Camionnette (Risiko an Secherheet)
- Gruppendynamik

Daag 1 – Programm/Oflaaf:

- 11h00
- Begréissung & kuerz Virstellung vum Programm an den Kompetenzen vum ZD (Risiko/Interkulturalitéit)
- Gesprächsronn iwwet (Eischt Hëllef, Secherheet an Risiken)
- Opdeelung Gruppen: Grupp A: V., F., Sa. Grupp B: N., Su., E., M.
- Grupp A: Picnic, Mettegiessen an Owessiessen plangen & virbereeden
- Grupp B: Kulturell Spiller plangen
- Spiller plangen / duerchféieren
- kloer Regeln festleeren fir dat kee Streit/onzeffriddenheet entsteet
- Spiller upassen un den Terrain an de Grupp/Alter
- Mat Spiller Gruppendynamik veränneren (positiv an negativ)
- Spiller mat an ouni Material (spontan a geplangt Spiller)
- Mëttegiessen & Paus
- Grupp B: Rally mat Spill-Stationen duerchféieren (Interkulturalitéit ZD)
- Feier machen (Grupp A & B)
- Grupp A: Kachen um Feier
- Grupp B: Frühstück plangen & virbereeden
- Schaffen um Handbuch (Grupp A & B)
- Schlofplaz virbereeden am Jugendhaus (Grupp A & B)
- Ënn 21h30

Daag 2: Oflaaf/Programm: Grupp A/ Grupp B

- 8h00
- Begreissung & kuerz Virstellung vum Programm
- Grupp A: Spill virbereeden an Material
- Grupp B: Frühstück + Mettegiessen akafen an virbereeden
- Frühstück
- Camionnette an Secherheet
- Grupp A: Spill (Risikokompetenz) duerchfeieren bis op d' Feierplaaz
- Grupp B: Kachen um Feier
- Grupp A + Grupp B: Raumen
- Grespräichsronn iwwet (Emgang mat Konflikter)
- Reflexioun Zukunftsdiplom (Risikokompetenz an Interkulturalitéit) (Grupp A & B)
- Emgang mat Konflikter
- Gruppenreflexioun iwer d'Formatioun
- Zreck zum Jugendhaus, Raumen (Grupp A & B)
- 14h00 Schluss

Esou wéi am éischte Week-end war den Animateurgrupp openeen agespillt obwuel deelweis e groussen Altersennerscheed war. An denen 2 Gruppen huet sech en Leader gewisen obwuel jiddereen sech mat sengen Iddien abruecht huet. All Themen vum ZD waren an d'Aktivitéiten agebonnen. D'Animateuren hunn sech vill Méi ginn, fir dass d'lessen fir jiddereen an all Religioun etc. gut war. Reflexiounen (am Grupp an Eenzeln) waren produktiv an hun d'Méiglechkeet ginn, sech selwer an der Roll vum Animateur a Fro ze stellen, awer och iwwer all aaner Perséinlechkeeten am Grupp nozedenken an wéi en Virdeel dat fir e Grupp huet wann en sech senger Roll bewosst ass.

Animateur A Teamday 04.06,2022

2 Teilnehmerinnen haaten vergies dat Teamdaag ass, si sinn awer bei den Escape Room nokomm.

Animateuren haaten d'Aufgab den ganzen Daag selwer ze plangen. Vun eis kruten se just folgend Infos/Aufgaben:

-Brunch organseieren

-Um 12h45 beim Escape Room zu Dideleng sinn

-Ofschlossronn mat deem waat sie aus der Formatioun mathuelen

Daat huet ganz gut geklappt, et war genuch fir jidfereen do beim Brunch ouni dat Tonnen iwwereg war an war och fir jidfereen eppes dobai. Mir waren pünktlech mam öffentlechen Transport beim Escape Room. Do hun mer eis an 2 Equippe gedeelt an och d'Zesummenaarbecht am Escape Room huet super geklappt. Jidfereen huet matgemach an se hun zesummengeschafft. Nom Escape hun mer, weinst dem gudde Wieder, de Programm spontan ugepasst. Mir waren eis eng Glace sichen an hun dun d'Ofschloss Ronn zu Dideleng am Park gehaalen.

11. Summer Aktivitéiten 2022

Iwwer den Summer hu mir verschidden Aktivitéiten duerchgefouert am Kader vun den Vakanzenaktivitéiten mat Ënnerstetzung vun der Gemeng Schëffleng. Vun Juli bis September hun mir vill verschidden Daagesaktiviteiten an Aktivitéiten vun puer Deeg duerchgefouert. Déi folgend Rapporten sinn just en Deel vum ganze Programm.

Rapport VA Donwhill 15-19.07.22

Fir Downhill fueren ze goen sinn mir op den Lac Blanc gefuer.

Mat waren den J, K, M, L, J an N, d 'Animatrice an 2 JA. Um 11h Auer si mir zu Schëffleng fortgefuer. Mëttes an den Vogesen ukomm, si mir direkt bei d' Waasser gefuer eis ofkillen gangen eiert mir op den Camping gefuer sinn. Um Camping "Au clos de la chaume" ukomm hun mir eisen Camp opgebaut, nodems hun mir gekacht an dono si mir schlofen gangen.

16.07 si mir op de Weier vun Gerargmer gefuer. Owes um Camping hu mir rem gekacht an dono konnten dei Jonk um Camping spillen. (Trampoline Schwämm, Spillplaaaz).

17.07 si mir mueres um 10h Downhill fueren gangen. Et war Sonndes an et waren vill Leit do. Dei Jonk hun awer konnten vill fueren an den Park kennenleieren an sech un d' Velo'en gewinnen. Mir hu vormëttes am Park gepicknickt. owes um Camping hu mir eis eng Pizza gegönnt.

18.07 sinn mir erem den ganzen Dag Downhill fueren gangen. Dës kéier war de Park schon méi eidel an déi Jonk konnten ongestéiert fueren. Vill sinn se erem gefuer an sech och mei getraut, Se sinn puer mol gefall. mee ausser puer Schreibsen war näischt schlemmes geschidd.

19.07 hun mir eisen Camp zesummengepackt, Früschtuck giess an mir sinn zereck op Schëffleng gefuer.

Rapport Blankenberg

V a L sin mat der Camionette op Blankenberge gefuer. Hier Aufgaab war d'Camionette ze paaken an um Camping Zelter schon opzebauen.

C an ech si mam Rescht vum Grupp mam Zuch gefuer. Dat huet alles super geklappt, och wann di Jonk vill gemeckert hun well den Zug zimlech voll war an et warm war.

Zu Blankenberge ukomm sin mir op de Camping getrëppelt an hun eis do ageriicht.

Dunn si mir op Plage gangen an hun do d'Sonn a Wasser genoss eiert mer op der Esplanade eppes lessen waren an rem gemittlech zereck op de Campung gang sin.

Den 2ten Daag war e ganzen Daag Plage ageplangt. Nom Frühstück hu mer eis fäerdeg gemacht an d'V huet eis op eng anner Plage gefouert dei e Steck mei wait eweg war. Daat huet zu vill gemeckers gefouert. Hun och ennerwee mussen eis Picnic Paus maachen. Geplangt war fir Owes um Camping ze kachen, mir haaten awer vergies dat Sonndeg ass an den Delhaize war just moies op esou dat mer no der Plage zereck op de Camping gangen sin, eis faerdeg gemacht hun an dunn rem an de Resto waren.

Den 3ten Daag war d'Wieder net sou gut, et war virun allem vill Wand. Mir sin dun Minigolf spille gangen, hun zesummen gepicnict an dono haaten si Fräizäit. Owes hu mir um Camping gekacht an giess.

Den 4ten Daag war Abreisetag, nom Frühstück hun mer alles zesummen gepaak. Hei haate mer e bessen Pech well et just deen Moment ugefangen huet mat Reenen. V an L sin dun mat der Camionette Richtung Lëtzebuerg gefuer an mir hun eis Zait am Zentrum e bessi verdriwwen, hun eng Klenggeheet giess éiert mir dun och den Zuch fir zereck geholl hun.

Am grouse ganzen war et eng ganz flott Aktivitéit an de Grupp huet och gut zesummen funktionnéiert. De L. war net sou frou sech mam R. en Zelt ze deelen, mee et huet awer geklappt teschent hinnen. Wat virun allem opgefall ass, ass dat en Deel vum Grupp net gär trëppelt an sech doweinst och dauernd bekloot huet. Op emol hat jidereen Blodderen an ijendepes wéi. M a R drecken sech ganz gär vun allen Aufgaben. Et war mir net direkt opgefall mee si haaten emmer mol rem kee Rucksak mat an di aaner (virun allem N an J) hun hier Saachen matgedroen.

De greissten Probleem war d'Fëmmen.

Se haate mech am Ufank gefroot wéi et wier mam fëmmen an hun hinnen gesoot dat sie 1ten nach net fëmmen däerfen well si nach all mannerjäreg sinn an 2ten NET däerf während Aktivitéiten gefëmmt ginn. Dësen Thema huet ëmmer erem fir vill Problemer an Diskussiounen gesuert an ass och emmer direkt beschwaat a gekläert ginn.

Rapport: En Daag um Sei

Flotten Dag um Sei mat schwammen, Picnic, Tabu spillen a Stand-Up Paddle.

L war moies mat hinnen de Picnic kaafen an dono si mir op Remerschen gefuer. D'Wieder war net super, doweinst waren och net vill Leit do an mir haaten gut Plaaz. Mir sin doweinst och net soulaang wéi geplangt bliwwen, mee sin geint 16h00 zereck gefuer an bei d' JH op de Stand vum EPF eppes drenke gangen.

Rapport: Selfdefence

Haaten en 2h Kur zu Scheffleng. De Kur war gut ustrengend awer och ganz intressant. De Grupp huet och ganz gut matgemach. Hun och mat hinnen geschwaat fir vläicht esou eppes reegelméisseg ze machen am Kader vum JH.

Rapport Escape Game Trier 22.07.22

6 Jongen plus V an J. Keen am Grupp hat bis elo esou eppes gemach. Den Escape war net ganz liicht mee och net ze schwéier. Et war immenz flott ze gesinn, wéi jiddereen sech abruecht huet an wéi gutt si am Grupp geschafft hun. Ech war wierklech begeeschtert. Mir kruten heinsdo puer kleng Tipps an hun et awer gutt an der Zäit gepackt.

Rapport Eifelpark 21.07.22

Mir waren mat 4 Jongen an 3 Meedecher de ganzen Dag am Park. De Grupp war immenz flott, jiddereen huet op jiddereen opgepasst. Wat mir machen hu mir

emmer an Grupp decidéiert. De Grupp war immenz begeschtert an puer Elteren hun och e ganz positiv Feedback ginn.

Rapport Geocaching 20.07.22

Mir hun mat 4 Jongen an engem Meedchen e ganz flotte Ronnwee Geocaching zu Monneresch gemacht. Geparkt hu mir bei der Karting Pist. Et huet e missten 8 Caches fannen an all Cache hat en Hinweis fir de Bonus herno nach ze fannen. De Wee war vill am Besch, wat bei dem warme Wieder e Virdeel war. Leider as e Fehler geschidd beim Code op schreiwen, mee de Bonus hu mir trotzdem fonnt. De F ass ganz positiv opgefall hei. Mir sinn vill getreppelt mee jiddereen huet dat gutt mat gemacht!

Rapport Boulder 12.09.22

Mir waren 3 Meedeche. E, R an M sinn net komm an hun sech och net ofgemellt bei mir. Just als Meedechersgrupp ze Boulder'en war immenz flott. Jiddereen huet sech gutt druginn, besonnesch awer d M. Mir haten och flott Gespreicher. An Natierlech hu mir nach e gutt Steck Kuch giess an der Blocschokolade.

Rapport Phantasialand

Fir Phantasialand waren 27 Jonker ugemellt. 1 huet sech den Dag vidrun ofgemellt an konnt nach en Ersatz fir e fannen. Moies sin awer dun 2 Steck net opgetaucht.

Animateuren waren V. an de F. Di 2 hun daat gut gemacht. War eng ganz einfach Aktivitéit well mer just 3 Jonken haaten di net hun dierfen aleng duerch de Park goen. Di 3 sin och gut mateneen eenz gin fir op wéi eng Spiller mir sollen goen. Och bei deenen anneren huet alles gut geklappt, jidfereen war pünktlech um Rv fir nach eppes zeseummen ze iessen eiert mir de Bus zereck geholl hunn. Mam Wieder haate mir och richtig Chance, et war de ganzen Dag Reen gemellt a schlussendlech huet et just eng kéier 15 Minuten richtig staark gereent.

Positiv war och dat mer ausserhalb vun de Vakanzenzait do waren, et waren nie mei wei 5-10 Minuten Waardezait bei de Spiller, sou dat mer richtig konnten profitéieren.

Rapport Klammen

Fir d'Klammen waren 2 Jongen an 2 Meedercher dobai. Den Daag vidrun haaten sech 2 ofgemellt.

Animatrice war Serena wat dat richtig gut gemacht huet. Et war eng gut Ënnerstetzung beim Secheren an och beim Erklären, wéi wat funktionnéiert beim Klammen.

Den D-Summit hat vergies dat mir kommen, mir haaten awer Chance well et waren der aus der Haal do fir nei Voie'en ze bauen an déi hun eis dunn no ofsproch mam D. era gelooss. Nom opwiermen an d' Spiller hu mir mat Basisklammen an Secheren ugefangen. Se waren alleguerten ganz motiveiert a jidfereen ass geklommen an huet gesechert. Marieh geet anscheinend regelméisseg klammen, hat huet daat och gut gemacht, virun allem beim secheren huet een gesin dat et daat scho méi oft gemacht huet.

Rapport Outdoor Escape Game

Fir den Escape Game waren mer zu 3 Jongen an 2 Meedercher. 2 Meedercher mei waren ugemellt, mee si sinn net komm oder hun sech ofgemellt. Als Animatrice war N. dobäi wat dat ganz gut gemacht huet. Hat as emmer nach roueg an zreckhaalend, mee war awer eng gut Ënnerstetzung beim Spill. Hat huet sech och den Daag vidrun gemellt fir ze froen, op et eppes Extra muss wëssen/matbréngen. Den Escape Game selwer huet vill Spaass gemacht. D'Equipe huet gut zesammen geschafft, ouni dat ech je wierklech hu mussen agreifen. Zumols den L. B. ass richtig gut doran. Mir waren e gut Steck virun der Zait fäerdeg an waren dun nach eng Glace iessen éiert mir gemittlech zereck op d' Gare getrëppelt sinn.

Rapport VA Fäschen 01.09

Den Animateur F huet eis ganz positiv iwerracht. Hien huet sech vill em dei Jonk bekemert an och oft gefroot wei et hinnen geht an wann si eppes brauchen. Op eng angeneem Art an Weis, net esou wei hien soos emmer ass an zevill opdränglech freet. Et war eng Flott an reoueg Aktivitéit. Et waren baal keng Leit do an mir haaten vill Plaaz fir eis. Esoubal een eppes gefangen haat hun sie sech geigesäiteg gehollf an ennerstetzt. Et huet eng gutt Gruppendynamik do geherrscht. Mëttes wollten mir um Baggerweier an de Resto, de war awer leider zou an mir hun eis eppes annescht gesiicht. D' M. huet proposeiert bei den Italiener op Freiseng ze goen sain Pap schafft do. Do sinn mir dann do an de Resto all zesummen lessen gangen, éiert mir op Scheffleng zereck komm sinn.

Ofschlossfeier VA

E Freideg war eis Ofschlossfeier vun de Vakanzaktiviteiten.

Bei der Preparatiounen hu gehollef: (L, M, R, K, K, M, F an K,B, N, L.)

Als Animateur waren do fir ze hellefen, vun Ufank un, de F, de L an S. V an N si mei speit nokomm an hun dun awer och gehollef.

Um 19h00 huet dun den Haaptdeel ugefangen, do waren niewend deenen Jonken dei schon do waren fir ze hellefen nach +/- 10 anner Jonker. Et waren awer och e groussen Deel Eltren do.

Nodeem e puer Wuert gesoot goufen hu mer de Film gekuckt an dono as de Buffet erëffnet ginn. War e flotten Owend mat villen intressante Gespréicher (virun allem mat den Eltren). Di Jonk haaten och Meiglechkeet Aktiviteiten fir next Joer ze proposeieren, waat och vill vun hinnen gemach hun.

Des Vakanzaktivitéiten ennerscheeden sech vun eisen eigentlechen Projeten an kennen och méi ludique an op Spaass opgebaut sinn, wéi zum Beispill Phantasialand, Skating-Tour, Fäschen oder nach en Dag um Stau, an der Schwemm an nach viles méi.

12. Outreach

Den Service Outreach war net iwwert dat ganzt Joer 2022 aktiv. De Service huet 6 Méint (Mäi- Oktober) pauséiert an mir hunn en neien Aarbechter gesicht. D'Opsichen vun den Jugendlechen dobaussen ass hei bis op Weideres zeréck geschrauft ginn. Eenzel Gespréicher mat den Jonker esou ewéi RDV'en mat den Lycée LNB (Dudelange) an Lycée Bel-Val sinn awer weider agehalen ginn.

Am Lycee LNB sinn verschidden RDV'en organiséiert ginn fir eng Zesummenaarbecht op d Been ze stellen. Mir hunn konnten wärend der « Projet Woch » vum LNB een Workshop vun ubidden wou déi Jugendlech konnten sech preparéieren fir een Potentialen entretien d'embauche, oder nach léieren eng lettre de motivatioun an CV kennen op ze stellen. Desweideren haten mir och een Infostand an der Schoul fir déi Jugendlech iwwert den Outreach Youth Work ze informéieren.

Am Lycee Bel-Val sinn och RDV'en gehalen ginn. Hei ass et bis ewell awer nach net an d'Realisatiouns Phase weider gaangen.

Ab November ass dann een néit Outreacher an der Equipe bäikomm.. D'Collaboratioun vum Outreach mam JH huet sech hei méi entfaalt an kristalliséiert. Den Outreach ass méi een Deel vum JH ginn. Et gétt op eng konstruktiv an laangfristeg Zesummenaarbecht higeschafft:

- **Echange vun Informatiounen**
- **Reegelméissegem perséinlechen Austausch**
- **Stagen mam ZD verbannen**
- **Iwwert dëse Wee den Stagiairen d'Méiglechkeet ginn och an Entreprises eranzekommen**
- **Ré-Cycle Planet Workshop ginn mat den Jugendlecher gemacht, fir professionnel Attituden ze léieren**
- **T.i.g. Stonnen kennen och iwert den Outreach enkadréiert ginn**

Natierlech sinn och Begleedungen an Ënnerstëtzung bei den administrativen Demarchen geleescht ginn. Gespréicher mat den Elteren, esou wéi Verriedungen vum OYW op Evenementer. Wat et erméiglecht d'Collaboratioun mat enger Multidisziplinärer Equipe ze erweideren. Fir esou déi betreiten Jonken bescht méiglech weider ze leeden un dee Service deen hiren Bedierfnesser entsprécht.

D'Collaboratioun mam Jugendhaus erméiglecht et och präventiv an virbeugend un der Neet Situatioun ze schaffen. Jugendlecher, déi sech zum Beispill an hirem leschten schouflichtegen Joer befannen an um gudden Wee befannen vir an eng Ontätlechkeet ze geroden, kréien iwwert des Collaboratioun d'Méiglechkeet am Virfeld un hirer Transitioun ze schaffen. An esou eng Neet Situatioun ze vermeiden.

Weider Collaboratiounen ginn mat aner Jugendhaiser ënnerhalen vir d'Begleedung vun den Jonken méi effektiv ze gestallten. Des Collaboratioun erméiglecht et zesummen un pedagogeschen Moosnamen vun engem Jonken ze schaffen.

Fir deenen verschidden Schwiereregkeeten vun deenen leschten Joren entgéint ze wierken huet d' Equipe zesummen mam CR en neien 6 Stufeplang ausgeschafft, mat deenen zukünftigen Schwéierpunkten vum Service Outreach. Dëse Plang ass adaptéiert op d'Instrumenter an d'Ressourcen vum Schëfflenger Jugendhaus an gëtt dem OYW eng kloer Struktur. Dëse Plang gouf och op eiser Plattform am November 2022 ugeholl.

6 Stufeplang:

1. ZILGRUPP: SCHOULOFBRIECHER, esou weit wéi se bekannt sinn a Klientel vum Jugendhaus.
2. Den Outreacher mécht BERODUNG a stellt MÉIGLECHKEETEN DÉI AM JH SCHONN BESTINN ZUR VERFÜGUNG: ZD, Stage, RPP asw
3. KONKRET MISSIONEN kenne sinn: TIG'en, Stagiären an den Entreprise begleeden
4. NETZWIERKARBECHT: Kontakter mat anere psychosoziale Stellen; mir sinn en Jugendhaus an den Outreacher ass en Deel dovun, folglech sollt hien net fir all erdenklech Aart vu Problembehiewung zoustänneg ginn;
5. VERMËTTLUNG UN PARTNERSTELLEN an
ËFFENTLECHKEETSARBECHT en presentiel (Bushaltestell/Gare mueres fir an d'Schoul) an op soziale Réseau'en
6. all INTERVENTIOUNEN GIN AM TEAM DISKUTÉIERT a sollen déi Rumm net dépasséieren.


Begleed Jonker vun Schëffleng an Emgeigent am Kader vum Outreach Youth Work:


- 2 Jugendlecher 27-30 Joer : Begleitung fir eng Aarbecht ze fannen an Begleitung op RDV mat Doctoren.
- 1 Jugendlechen 25 Joer: Enkadrement vun T.I.G.
- 7 Jugendlecher 16-19 Joer: Workshop am LNBD
- 1 Jugendlechen 17 Joer: Begleitung an Ennerstезung an den privaten, familiären an mentalen Schwieregkeeten
- 15 Stagiären: Observatiounsstagen, Entdeckungsstagen, an Service Volontaire National

13. Divers


Statistiken journal de bord



Visiteurs







Nombre de participants dans tous les projets






Berodungsgespreicher



Nombre de démarches/entretiens selon les sujets et l'âge des demandeurs



Nombre de démarches/entretiens selon les sujets et les demandeurs (sexe)

